N°2566
Entrée le 04.07.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 07.07.2025
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 04/07/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir den Interieur weiderzeleeden.**

Gemengemandatairen - dat sinn d'Gemengeconseilleren, d'Schäffen an d'Buergermeeschteren - kréien ee Congé politique, fir hiert demokratescht Mandat kënnen z'erfëllen. Dëst op Basis vum modifizéierte groussherzogleche Reglement concernant le congé politique des bourgmestres, échevins et conseillers communaux. 2024 gouf de Congé politique fir verschidde Gemengeconseilleren, Schäffen a Buergermeeschteren erhéicht.

Donieft kënnen d'Membere vum Gemengerot sech 15 zousätzlech Congésstonnen ënnerteneen opdeelen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Hunn all d'Gemengeréit am Land sech déi 15 Stonnen Congé politique opgedeelt? Falls nee, a wéi enge Gemengen ass dat net de Fall?
2. Wéi vill Schäfferéit a Buergermeeschtere profitéiere vum Zousazcongé vum Artikel 3bis vum groussherzogleche Reglement a wéi vill Stonne ginn hei genotzt?
3. Wéi vill Gemengeconseillere profitéiere vum Zousazcongé vum Artikel 3bis vum groussherzogleche Reglement a wéi vill Stonne ginn hei genotzt?
4. Wéi ass an de Gemengen, an deenen nom Proporz-System gewielt gëtt, d'Verdeelung vun dëse Stonne fir Politiker, déi net an enger Koalitioun sinn? Aneschters gefrot: Wéi vill Oppositiounspolitiker profitéieren an de Proporzgemenge vum zousätzleche Congé politique?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

N°2566
Entrée le 24.07.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

Äntwert vum Här Inneminister, Léon Gloden, op d'parlamentaresch Fro n°2566 vum 4. Juli 2025 vum honorabelen Députéierten Marc Goergen zum Sujet "Congé politique pour les mandataires communaux"

Säit dem Akraafttrieden (1. August 2024) vun der Ännerung vum groussherzogleche Reglement betreffend de Congé politique vun de Buergermeeschtere, Schäffen a Gemengeconseilleren, kann de Gemengerot 15 Stonnen zousätzleche Congé politique ënnert senge Memberen opdeelen – bis dohi waren et 9 Stonnen.

Well d'Gemengen dem Inneministère d'Verdeelung vun den zousätzleche Congé politique-Stonnen just ee Mol d'Joer matdeelen am Hibléck op de Remboursement an d'Indemnisatioun vum Congé politique vun dem viregte Joer, bezéien déi follgend Informatiounen sech op den 31. Dezember 2024.

1. Hunn all d'Gemengeréit am Land sech déi 15 Stonnen Congé politique opgedeelt? Falls nee, a wéi enge Gemengen ass dat net de Fall?

Op den 31. Dezember 2024 haten sech d'Gemengeréit vu 84 Gemengen déi 15 Stonne Congé politique opgedeelt. Vu datt déi Opdeelung jo eréischt op den 1. vum Mount drop effektiv gëtt, handelt et sech hei ëm d'Gemengen, déi déi betreffend Stonnen virun Enn November an enger Gemengerotssëtzung verdeelt haten.

Manner wéi 15 Stonnen hate follgend Gemengen opgedeelt : Diddeleng, Duelem, Fréiseng, Habscht, Hiefenech, Iechternach, Jonglënster, Kielen, Kiischpelt, Pëtschent, Réimech, Reisduerf, Rëmeleng, Schieren, Steesel a Veianen.

2. Wéi vill Schäfferéit a Buergermeeschtere profitéiere vum Zousazcongé vum Artikel 3bis vum groussherzogleche Reglement a wéi vill Stonne ginn hei genotzt?

Vum Zousatzcongé profitéieren 52 Buergermeeschteren an 143 Schäffen mat engem Total vun 970 Stonnen.

3. Wéi vill Gemengeconseillere profitéiere vum Zousazcongé vum Artikel 3bis vum groussherzogleche Reglement a wéi vill Stonne ginn hei genotzt?

Vum Zousatzcongé profitéieren 222 Gemengeconseillere mat engem Total vun 432 Stonnen.

4. Wéi ass an de Gemengen, an deenen nom Proporz-System gewielt gëtt, d'Verdeelung vun dëse Stonne fir Politiker, déi net an enger Koalitioun sinn? Aneschters gefrot: Wéi vill Oppositiounspolitiker profitéieren an de Proporzgemenge vum zousätzleche Congé politique?

An de Proporzgemenge profitéieren 20 Oppositiounspolitiker vum zousätzleche Congé politique.

Lëtzebuerg, den 24. Juli 2025
Den Inneminister
(s.) Léon Gloden